adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Muer Donneschdeg, 5. August 2021, gëtt deen neien iranesche President Ibrahim Raisi zu Teheran a säin Amt agefouert. D'Europäesch Unioun gëtt duerch den Enrique Mora, stellvertriedende Generalsekretär vum „Europäeschen Auswäertegen Déngscht", bei der Zeremonie vertrueden. Israel huet dës Participatioun schaarf kritiséiert, well doduerch eng Legitiméirung vun iraneschen Aggressioune verbonne wier. Israel verweist op déi bluddeg Vergaangenheet vum Ibrahim Raisi, deen als „Schlächter vun Teheran" um Enn vum irano-irakesche Krich 1988 Dausende vu Regimegéigner brutal hiriichte gelooss huet. Obschonn Israel d'EU zu enger Ofso opgefuerdert huet, bleift d'EU bei hirer Decisioun, fir un där Zeremonie deelzehuelen.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un den Här Minister:

1) Ass Lëtzebuerg op dës Zeremonie invitéiert ginn? Wa jo: Huet Lëtzebuerg dës Invitatioun ugeholl? Wa jo: Wee vertrëtt eist Land bei dëser Amtsaféierung?
2) Wéi steet den Här Minister zur Decisioun vun der EU, un der Amtsaféierung vum Ibrahim Raisi deelzehuelen? Huet déi Lëtzebuerger Regierung zu Bréissel intervenéiert, fir dës Participatioun am Hibléck op d'Mënscherechtsverletzungen am Iran ze verhënneren?
3) Virun zwee Joer huet d'Affär Assadollah Assadi, „Codename ‚Daniel'", fir héich Wëllen zu Lëtzebuerg gesuergt. E puer Stonne virun engem geplangte Bommenattentat op iranesch Oppositiounspolitiker zu Paräis hat déi belsch Police zwee iranesch Staatsbierger verhaft an d'Bomm konfiszéiert. Den Amir Saadouni huet am Verhör zouginn, datt hien a seng Fra vun hirem Kontaktmann "T3" an engem Supermarché am Zentrum vun der Stad Lëtzebuerg d'Bomm, déi fir d'Attentat geplangt war, kruten. Als dëse Kontaktmann gouf den drëtte Conseiller d'ambassade vun der iranescher Vertriedung zu Wien, den Assadollah Assadi, identifizéiert. Zu Lëtzebuerg ware laut Ausso vum Här Minister de Service de renseignement de l'Etat, de Parquet vu Lëtzebuerg an d'Police Grand-Ducale mat dëser Affär befaasst. Wéi steet den Här Minister zur Iwwerleeung, datt Lëtzebuerg – als e Land, dat eppes op sech hält –

nimools un enger offizieller Zeremonie am Iran deelhuelen dierf, soulaang sech déi iranesch Regierung net bei eiser Regierung fir dës Affär entschëllegt huet?

4) Op meng parlamentaresch Fro n° 3009 vum 20.11.2020 huet den Här Minister geschriwwen: „De Lëtzebuerger Ausseministère steet a reegelméissegem an oppenem Austausch mat der iranescher Ambassade zu Bréissel. Dat erméiglecht eis all Sujeten ze diskutéieren." Gouf am Kader vun dësem „reegelméissegen an oppenen Austausch" déi iranesch Regierung opgefuerdert, sech formell bei Lëtzebuerg fir d'Affär Assadollah Assadi ze entschëllegen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**